DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 3. Dezember 2020

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

« D'Madamm Ministesch huet den 28. Juni 2018 de Guide « Leitfaden 'Gutes Licht' im Außenraum » virgestallt fir d'Liichtverschmotzung zu Lëtzebuerg ze reduzéieren an notamment d'Gemengen, dobäi z'ënnerstëtzen.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen :

- *Wéi bewäert d'Madamm Ministesch den Impakt vum Guide um Terrain ?*

- *Wéi vill Projeten huet den Ëmweltministère zënter der Publikatioun bis lo an deem Beräich ënnerstëtzt ?*

- *Gëtt et ee Conseiller am Ëmweltministère deen Interessenten, z.B. d'Gemengen, mee och Firmen an Individuen, bei hire Projete fir d'pollution lumineuse ze reduzéiere berode kann ?*

- *Ass, no der Etüd vun 2016, eng weider Etüd zur Liichtverschmotzung zu Lëtzebuerg geplangt fir d'Evolutioun vun der Liichtverschmotzung kënnen ze bewäerten ? Wa jo, fir wéini wier dës ugesat ? Fir wéini kéint mat Resultater gerechent ginn ?*

- Wéi eng Initiative gëtt et vu Säite vum Staat fir déi eege Beliichtunge bei staatlechen Infrastrukture méi ëmweltfrëndlech ze gestalten ? Kann den Här Minister e Bilan vun de Projeten an där Hisiicht wärend de leschte fënnef Joer maachen ?

- Wéi eng Projete si fir d'Zukunft geplangt ?

- Ginn et eventuell Pilotprojete fir speziell Technologien ze testen, z.B. Luuchten, déi bei enger Beweegung uginn a fir de Recht hir Intensitéit eroffueren ? Wann net, sinn esou Projete geplangt ? »

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten

Gusty GRAAS
Deputéierten